OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

Chrëschtlech-Sozial Jugend (CSJ)
Aktivitéitsbericht 2015 – 2016

CSJ-Nationalkongress 2015

Den 21. Mäerz 2015 war während engem ganzen Dag de CSJ-Nationalkongress mat iwwer 70 CSJler zu Dikrech. Nieft de gewinnte Rapporte war et och de Moment e Bilan iwwert d'Kongressdokument vun 2014 „Mir wëlle méi" ze zéien, wat fir eis d'Grondlag fir eng Erneierung an der CSJ an an der CSV geluecht huet.

Eng grondleeënd Statutereform vun der CSJ gouf doropshin ugeholl fir dës Erneierungen och an der Praxis festzehalen.

Insgesamt sinn 8 Resolutiounen diskutéiert ginn an am Virdergrond stoung och eis Stellungnahm zum CSV-Dokument „Perspektiven".

D'Aarbecht vum CSJ-Nationalcomité a Stéchwierder

- 7 CSJ-Nationalcomitéen
- 4 Invitéen: Claude Wiseler (Referendum), Laurent Zeimet a Stéphanie Weydert (Statuten), Serge Wilmes (Grondsazprogramm)
- 113 nei Memberen
- 1 Hearing an der Chamber vun der CGJL (Thema „Europäesch Présidence", wou mir duerch d'Elisabeth Margue an de Yannick Glod vertruede waren)
- 2 Newsletter'en
- 6 Pressecommuniqué'en
- Präsenz um EVP-Kongress, op de „Yepp Working Days" zu Warschau, Yepp-Kongress zu Porto, Yepp-Treffen zu Kiev, an eng ganz Rei aner Treffe mat der YEPP an am Kader vun der europäescher Présidence, wou ëmmer erëm net alleng, awer virun allem eis international Sekretäre Christophe Hansen a Christophe Origer Präsenz gewisen hunn
- Intensiv Mataarbecht an den 3-CSV-Kommissiounen (Statute – Charel Hurt, Grondsazprogramm – Fréd Ternes, Kommunikatioun – Elisabeth Margue)
- Gestioun vum CSV-Stand um „Festival des Migrations" zesumme mat der CSV International
- Präsenz op 4 Tables rondes mat anere Jugendvereenegungen
- Präsenz um Gay Mat
- Präsenz bei enger Manifestatioun um Kierchbierg fir Solidaritéit mat de Flüchtlingen ze weisen
- 1 Stand op der Foire de l'étudiant (CSJ Schüler a Studenten)

D'CSJ-Vizepresidentin, Elisabeth Margue, zesumme mam President vun der CSJ Süden, Yannick Glod, um CGJL-Hearing

www.csj.lu / csj@csj.lu

CSJ Schüler a Studenten

Um Kongress vun de CSJ-Schüler a Studente gouf 2015 e neie Comité gewielt.

D'Equipe vun de CSJ SaS op der Foire de l'étudiant

Den Alex Donnersbach ass neie President. Déi aner Membere vum Comité sinn: Françoise Kemp (Secrétaire), Yannick Glod (Vice-Président), Julie Dupont (Trésorier), Martine Kemp (Member), Elisabeth Margue (Member), Vanessa Zaunz (Member), Philippe E. Frieden (Member), Vincent Staudt (Member).

(All d'Detailer iwwert hir Aktivitéite fannt Dir am Rapport vum Kongress vun de CSJ Schüler a Studenten)

Referendum

De 7. Juni 2015 war de Referendum zu dräi Themen: Wahlrecht ab 16, Auslännerwahlrecht, Mandatslimitéierung. Zu dëse Sujeten hat d'CSJ eng kloer Positioun.

D'CSJ huet awer kengem Member opgedrängt, wéi e soll am Referendum wielen. Eis Positioune ware sécherlech net déi selwecht, wéi déi vun der Regierung, awer och net wéi déi vun der CSV. Dofir ware mir der Meenung datt et u jidderengem eenzel, als Bierger, war säi Choix de 7. Juni ze maachen an ze decidéieren, ob d'Propose vun der Regierung ze wäit oder net wäit genuch ginn.

Och hunn eng Rei CSJler bei der Organisatioun vun de Stänn a Veranstaltunge vun der CSV am Kader vum Referendum eng Hand mat ugepaakt.

Networkingevent en vue vun de Gemengewahlen 2017

D'CSJ huet am Oktober e Networkingevent am „Urban" organiséiert, bei deem interesséiert CSJler a Kontakt mat jonke Gemengevertrieder konnte kommen.

Doropshin hunn sech 56 jonk Fraen a Männer aus Proporz- a Majorzgemenge gemellt, déi interesséiert si bei de nächste Gemengewahle mat op eng Lëscht ze goen, resp. als Kandidat unzetrieden.

D'Kontakter vun dësen interesséierte Jonken hu mir un d'Parteileedung an un déi jeeweileg CSV-Sektioune weidergeleet. Och goufen se encouragéiert, sech un de Formatioune „Gemengepolitik liicht gemaach" ze bedeelegen.

Networkingevent am „Urban" e.a. mam Fraktiounspresident Claude Wiseler a jonke Vertrieder aus Gemengeréit

Pressecommuniquéen

- **Demokratie zu Lëtzebuerg** (gemeinsame Communiqué vun de Jugendparteien zu de Referendumsfroen)
- **Sevrage jurisprudentiel – Code civil dénudé** (Kritik um neie code civil)
- **Le CSJ plaide pour l'introduction d'un système de parrainage linguistique** (nom Ausgang vum Referendum)
- **Medizinerausbildung in Gefahr** (CSJ Schüler a Studenten)
- **Schluss mit der europäischen Flüchtlingstragödie!** (Gemeinsame Communiqué vun de Jugendparteien)

- **Gramegna in der Rolle des Houdini** (zum Budget 2016)

Nachwuchsförderprogramm 2015 - 2016

Mam Elisabeth Margue, Joelle Lelong, Kimi Mosel, Sonja Conzemius, Stéphanie Weydert, Ann Sophie-Heck, Christian Weis, Christophe Origer, Yannick Glod, Eric Sauer, Jean-François Schneiders a Marc Ury, haten 12 CSJler, 6 Frae – 6 Männer, d'Geleeënheet um éischten Nachwuchsförderprogramm vun der Partei deelzehuelen. An deem Kader kruten se eng Rei Formatiounen iwwer zentral politesch Themen, d'Wäerter an den Opbau vun der Partei, ewéi och wat d' ëffentlecht Optrieden a Rhetorik ugeet.

v.l.n.r. – 1. Rei: Joelle Lelong, Elisabeth Margue, Kimi Mosel, Stéphanie Weydert a Sonja Conzemius – 2. Rei: Marc Ury, Alex Donnersbach, Yannick Glod, Christian Weis a Jean-François Schneiders

Mir soen iech all e grousse Merci fir ären Asaz!